Luxembourg.

Am neien Konferenzsal am Konvikt hun d'Feierlechkeeten um 9 Auer ugefaangen. Éiregäscht waren: Châmbërpresident Léon Bollandorff, Staatsminister Pierre Werner, Huefmarschall Guy de Muysèr, d'Ministeren Emile Krieps a René Konen, Staatssekretär Ernest Mühlen, als Vertieder vum Bistum Paul Weber, an eng laang Rëtsch vun Deputéierten a Geméngeréit.

De Metty Scholer, President vun der Amicale des Anciens de Tambow huet d'akademesch Sëtzung opgemaach, — déi agreabel verschénert gouf duurch Einlagen, déi de Geie-Quartet vun der Militärmuséck gespilt huet, an en huet eng bedeitend Usprooch gehalen. Hei hannendrun den integralen Text dervun.



Dir Dammen!

Dir Hären!

Léif Kommeroden!

Als President vun den Tambower soen ech iech alleguer häerzlech Merci, well dir iech dese Sondegmuergen fräigehalen hut, fir bei äis ze kommen an un dëser Scéance Académique deelzehuelen.

Wann och de Numm, de Begrëff TAMBOW zënter ugangs Mee 1945, wéi déi éischt 4 Lëtzeburger zu Odessa d'Lëscht vun äis ofgin haten hei zu Lëtzebuerg wéi eng Bomm ageschloen hat, — am freedegen awer och leider vill ze dacks am trauregen Sënn, dann as et menger Meinung no ubruecht a wichteg hei iwer Tambow méi ze soen.

Tambow as eng rusesch Provénzhaaptstat, ongeféier 450 Kilometer südöstlech vu Moskau ewech, mat wäit iwer 200.000 Awunner. T Provénz as 13 mol esou grouss wéi eist Ländchen. Et gëtt do Eisen- a Metallindustrie, Duchfabriken, Gierwereien, synthetesch Kautschu a Landwirtschaft.

Vun der Stat Tambow hun déi meescht vun äis weider näischt gesin ewéi d'Gare a villäicht

spéider nach d'Lazarett. Dat eigentlech Kriechgefaangenelager hat guer näischt mat der Stat ze din, louch 20 Kilometer dervun ewech, stong enner Militärverwaltung an huet nëmmen d'Lagernummer 188 gedroen. Et war bestëmmt als Sammellager fir d'Fransousen (Elsaß-Lothrénger), Lëtzeburger, Belscher, Yougoslawen, Rumänen, Ungaren, Polen, an esou weider. Dat wëllt awer nët heeschen, datt kéng aner Kriechsgefaangen do gewiescht wieren.

Fir iech e kléngen Iwerblëck ze gin, kann ech soen, datt ronn 8.000 Elsass-Lothrénger, 12.000 bis 14.000 Preisen, ca. 6.000 Italiener, — fir nëmmen en etlech gréisser Zuelen ze nennen, — mä och 1000 Lëtzeburger durch dat Lager gaange sin. Nodeem am September an ugangs Oktober 1945 all Ugehéireg vun deene grouse Natiounen zum gréissten Deel entloss gi waren, koum nach ee Lëtzeburger do un, huet mat ronn 20.000 gefaangene Japaner e puur Méint am Lager verbruecht, fir dann am Abrël 1946 och heemzekommen.

Et ging natiirlech hei ze wäit féiren, jidderengem säi perséinleche Calvaire duerzeleen oder d'Zwangsrekrutierung am allgeméngen erëm opliewen ze lossen. Mä erënnere mer eis trotzdem un den Opruff vun eiser Exilregierung zu London: «Haalt hinnen de Bass, dir gitt hinnen erëm lass», a weider: «Jongen, laaft iwer bei d'Russen! Do as alles fir iech an der Rei.»

Déi vill, déi bei d'Russen iwegelaf sin, oder fréi oder spéider gefaange geholl gouwen mat hirem seidenen rout-wäiss-bloe Bändchen oder mat dem Bild vun eiser Grand-Duchesse an der Tesch, gouwen schwéier enttäuscht. Déi meescht Russen, bis op e puur wéineg Ausnahmen, hu Lëtzebuerg iwerhaupt nët kennt, hëchstens wossten se eppes Kléngs vun der Rosa Luxemburg. Wann een dann mat vill Méi a Gesten erklärt huet, dass dat kléngt Lëtzebuerg bei deem grouse Frankräich leie géif, den DeGaulle war fir d'Russen eppes ewéi e kléngen Herrgott, huet d'Situation sech zum dacksten verbessert. Mä nët ëmmer. Et huet een sech dann als Fransous ausgin. Dat huet natiirlech bei de gefaangene Preisen ganz béist Blut gemaach, wat ee spéider nach dacks um eegene Leif huet misse spiiiren. Well d'Preisen an deene meeschten Tëschelageren de Kommando gefuert hun, an nëmmen eléng am direkte Kontakt mat der russescher Kommandatur waren. Doduerch koumen iwer 500 Lëtzeburger iwerhaupt nie an aner vill méi spéit wéi hir Kommeroden op Tambow.

Komme mer z'rëck op d'Lager 188, vun äis TAMBOW genannt. Dräi Reien sechsmeterhéige pickegen Droot rondrem an héigen Wuechttirem. Vu baussen gläicht et all deenen aneren, wou mer scho waren. Mä bannenan war et ganz anescht, wéi der hei um Bild gesitt. All Braken waren ongeféier zwee Meter déif an de Boudem agebaut, mat gespléckten Dännebeem zu zwou Säiten schiif zougelougt, bedeckt mat 50 Zentimeter Sand a besaat mat Wuess. Si hun ausgesin wéi Bunkerer, wouranner, je no Gréisst, 150 bis 400 Gefaangener op eimfa-



chen Dillebrëtschen, eng ennen an eng ouwen, an zwou oder véier Reien, ennerbruecht gi waren. Et gouwen kéng Stréisäck, kee Kappkëssen a kéng Decken, mä duerfir awer em esou méi Fléi a Wanzen, déi all Nuecht ugegraff hun.

De Kascht, deen an de Kichen zoubereet gouf, gong nët duer fir ze liewen a war ze vill fir ze stierwen fir Jongen an eisem Alter.

D'Waasser war knapp an der Géigend an nët ze drénken. Et huet misse honnerte Meter wäit ewech aus dem Bësch mat grouse Fässer an d'Lager bruecht gin. Fir sech ze wäschen, war es bal nie do.

Déi Krank a ganz Schwaach koumen a Lazarett, Braken wéi all déi aner. Si gouwen vun Dokterer ennersicht, mä leider huet et bal ëmmer u Medikamenter gefeelt. Do sief eng Doktesch speziell ernimmt: 't Boturowa. Vun äis gouf si d'Mamm vun de Lëtzeburger genannt. Si huet sech gefreet, wann se engem Lëtzeburger hëllef konnt an en erem op d'Been bruecht huet.

Wann och Lëtzeburger u Krankheeten gestuerwe sin, wéi Ruhr, Longenentzündung, Malaria, Typhus an anerer, da sin iewel déi meescht ausgaangen wéi eng Käerz vum Verlaangeren, Enttäuschung, Angscht, Entbierung a Schwächt. Wann d'Moral nogelooss huet,

war leider eise Kommeroden bal nie méi ze hëllef. Si hu misse fir ëmmer dohanne bleiwen.

E ganz schwéieren Dag war fir äis de 6. Juli 1944, wéi de franséische General Petit mat senger Suite 1.500 Elsass-Lothrénger an d'Lager siche koum, fir se no Afrika ze bréngen. No Afrika, well Frankräich dun och nach vun de Preise besat war.

Dee selwechte General huet eisem Kolleg Jos, nodeem hien en gefrot hat, wat fir eng Nationalitéit en hätt, perséinlech gesot: «Ech hu kéng Missioun fir iech Lëtzeburger matzehuelen, mä ech setze mech esou bal wéi méiglech a Verbindung mat ärer Regierung zu London, datt si alles ennerhuele soll, fir iech sichen ze kommen.»

Du koum den 22. Oktober 1944, wéi de ruseschen Politruk Olaro (fir äis war hien en oprechtigen a gudden Frënd) d'Lëtzeburger zesummegeruff a gesot huet: «Luxemburski Kamerad, dir fuert heem. Dir hut laang genuch gewart. A véierzeg Dég, spéitestens, sit dir doheem bei ärer Mamm, ärem Papp, a.s.w...»

Et hätt een et jo bal misse gleewen, well d'Lëtzeburger Land war erëm fräi an den Här Blum war zënter dem 12. August 1944 Gesandten zu Moskau. Mir krute Stréisäck, Läilecher an Decken. Leider war och dëst nëmmen e Schlaag an d'Waasser.



Haut stellt sech d'Fro, méi wéi je: Huet eis Regierung zu London iwerhapt eppes ennerholl, fir d'Jongen, déi a russescher Gefaangenschaft waren? Den deemolegen Aussenminister, den Här Bech, hat vum belschen Ambassadeur zu Moskau am September 1943 an engem Bréif matgedeelt kritt, datt 200 Lëtzebuerger a Russland wiren, a frot, war hien soll ennerhuelen. Well awer kéng Äntwert koum, huet dee selwechten Ambassadeur nach en Telegramm ob London geschéckt, deen och kéng Suite krut.

Och eis schréfftlech fräiwëlleg Meldung an d'russesch Arméi a bei den De Gaulle hun näischt genotzt. E puer Deeg duerno huet de Lagerkommandant äis matgedeelt, eis Demanten wire fortgeschéckt, ma eléng eis Regierung misst hiren Accord gin. Doraus as natiirlech näischt gin an och des Dokumenter sin verschwonnen.

Eis Kräften hun ëmmer méi nogelooss. D'Waasser an de Been an am Leif huet zougeholl. Den Ausschlag huet sech op de ganze Kierper iwerdroen an alles war voller Äter. Mir ware goureg ewéi eng Rapp. Am beschten, Dir Dammen an dir Hären, kuckt iech des puer Biller un, déi méi soen, wéi mir iech erziele kënnen.

Trotz eisen zerassenen, knaschtegen a fatzegen Uniformen a futissen Schong, hu mir eist Leed erdroe missen, an hun nach ëmmer

méi zesummegehalen. Wuerfir mir vun ball all denen eneren Natiounen beneid gouwen.

Wa mir gesondheetlech schwéier ugeschloe waren, esou huet dach mussen den Holzkommando erausgoen an de Bësch, an dat trotz Reen, Schnéi a Keelt. Déi nidregst Temperatur, déi mir erliedt hun, war — 41° an enger Nuecht. Verschidde Lëtzebuerger hun op Kommandoen baussend dem Lager geschafft, an de Milien, de Kolchosen a.s.w.

Dir Dammen an dir Hären!

No 35 Joer erënnert een sech nët méi gären un déi schro Zäiten. Et soll awer gesot gin, datt alles dat, wat mir als zwangsrekrutiert an als Krichsgefangener haart um eegene Leif erfuert hun, nët ouni Folleg bliwen as.

Zu Tambow eléng, ouni all déi aner Lager, wou mir d'Zuel vun de Verstuerwenen nët kennen, leien am Bësch bei Tambow 167 eiser Kommeroden begrouwen. Wéi gär wiren och si erëm heem op Lëtzebuerg kom?!

Heiheem sin der bis elo ronn 200 vill ze fréi gestuerwen. Jiddereen vun äis, deen haut nach d'Chance huet derbäi kënnen ze sin, spiert all Dag seng kléng oder seng grouss Boboen, an dat ouni et ëmmer ze weisen oder ze kloen. Mir Tambower kënnen ganz gudd verstoen, wann deen een oder aneren sech am Liewen emol nët grad richtig zurecht fond huet

Well bal u kéngem as d'Lagerliewen eriwuer gaangen ouni Spueren ze hannerloossen. Sief et och nëmme, datt een nach dacks nuets dervun drämt. Wa mir all Joer während der Mass rondrëm de Kierfchen affere gin an d'Méiglechkeet hun, een nom aneren 'ze gesin, maache mir äis, jidfereen fir sech, seng eege Gedanken. Gin dann och emol e puer Méint eriwuer ouni datt een Tambower gestuerwen as, a méng mir et géing dëst Joer gutt, da stin op eng Kéier kuurz noeneen e puer vun onse Kommeroden an den Doudesannoncen. Bis elo sin et der fir 1980 schon erëm 9. Mir haalen drop, datt eise Fändel, dee mir 1963 agewiën hun, all eis Kollegen op hirem leschte Gank begleet.

Eise Fändel as fir äis dee schéinsten am ganze Land. En as zesumme gesat aus zwou rout-wäiss-bloen Tricoloren an engem roude Léiw. Alles as am Lager ënnert onméigleche Konditiounen fabriziert gin. Fir zum Beispill déi rout Furf erausze kréien, gouf e Läléich an enger Decken esou laang gekaacht, bis dat wäisst rout gin as.

Déi eischt fënnel Lëtzebuenger gouwen vun de Russen de 15. Mee 1945, aacht Deeg no Krichsenn entlooss a koumen iwer Odessa heem mat engem vun dese Fändelen. Si haten, wéi nach vill aner Kommeroden, bei de Partisanen oder an der Roudler Arméi matgehollé, fir de Preis nidderzeschloen. Si koumen zu fënnel fort, well déi aner, déi och op der Lëscht stongen, deen Ament nët am Lager waren. Mat dem Krankentransport koum den zweete Fändel den 3. August 1945 heem, an deen drëtten war beim groussen Transport derbäi, deen Tambow de 29. September 1945 verloos huet, fir de 5. November 1945 mueres fréi um 3 Auer op der Lëtzeburger Gare unzekommen.

Dësen Dag vergiesse mir nie! Tëschend Sterpnech a Kléngbetten gouf d'Uelzecht esou feierlech wéi nach nie gesongen. Iwer 50 grouss Nationalfändelen a ronn dausend Leit hun äis do emfaangen. Virun der Lëtzebuenger Gare waren et der vill, vill méi. D'ganz Plaz viirdrun stung voller Leit, déi eng Säit bis bei den Hôtel Staar an déi aner Säit bis bei déi heiteg Post. Den Ierwgroßherzog JEAN war selwer kom fir äis z'ëmfnänken. Hien huet eng Usprooch gehalen, déi natiirlech an der grousser Freed ënnergaangen as.

Mä d'Freed war nët fir jiddereen. Vill Mammen a Pappen haten och gehofft, hire Jong oofhuelen ze kënnen. Leider, leider war hien nët méi derbäi.

Schon 1946 hun déi Déiferdenger Kommeroden sech frëndschafftlech zesumme fond, Rencontren organisiert an déi eischt Tambower Spéngel eraus gin. Nodeem d'Verlaangereen fir sech nees erëmzugesin esou grouss gi war, koume mir 1954 fir d'eischte Kéier aus dem ganze Land zu Lëtzebuerg zesummen. 1955 gouf e provisoresche Comité gegrënt, deen dat Joer duerno bei der Grënnung vun eiser heiteger Amicale zum definitiven gewielt gouf. Eis Statuten sin 1958 enregistréiert gin, an erlaben all deene Lëtzebuenger, déi a russescher

Krichsgefangenschaft waren, bei der Amicale des Anciens de Tambow Member ze gin.

Am November 1963, wéi eise Fändel agewië gouf, hate mir eng grouss Ausstellung am Peristyl vun der Geméng Lëtzebuerg. Duerno war se dann nach ze gesin: Am Musée de la Résistance zu Esch, am Kolléis zu Dikkrech an am Schlass vun der HADIR zu Déiferdeng. Iwerall mat grousem Erfolleg. Mir haten och eng Broschür erausgin: TAMBOW 1943-1945. Dovun gouwen 3.700 Exemplaren verkaaft.

Als Grënnungsmember vun der Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force huet d'Amicale zënter 1959 mat gerongen bis zum heitegen Dag, fir datt Zwangsrekrutierung als dat unerkannt soll gin, wat se wiirklech war, fir datt all Diskriminierung verschwennt, fir datt der fréizäiteger Pensionierung Rechnung gedro gët, ouni déi ominös Prozenter an anere Kritären, an dat fir all Krichsaffer, déi vill matgemaach a gelidden hun, gesondheetlech a moralesch, fir eis Hemecht.

Zum Schluss hoffe mir dann, wa mir am Fréijoer eis lescht Broschür erausgin ënner dem Titel «Tambow 35 Joer doheem», datt mir nët méi ze streide brauchen, an als Amicale, am richtege Sënn vum Wuert, weiderbestin bis dee leschten Tambower zu Graf gedroe gët.

—o—



No'm Metty Scholer, huet de Staatsminister Pierre Werner geschwat. Hei seng Usprooch.

Méng léif Tambower!

Ech iwerbréngen iech heimat d'Wësch vun der Regierung zu dem 35. Anniversaire vun dem Retour vun Tambow. Dir feiert dat als eng Amicale. Eng Amicale, dat heescht e Frëndschafftsbond. Et weess een, wéi Frëndschaffe geschloss gin enner verschiddensten Emstänn. Frëndschaften, déi am déifste gin, déi am laangsten halen, an dat as elo och aus de Wieder vun ärem President duerchgeklongen, dat sin déi, déi een an der Nout an am Leed forméiert huet. D'Bild, dat äre President elo grad





zesummen ze verdeedegen as, am Verständ-  
ness een fir deen aneren. am Asaz ee fir deen  
aneren. Wa mer déi Lektouen aus dëser Feier  
mat ewech huelen, dir Tambower, dann hu der  
nach eng Kéier der Lëtzebuenger Hemecht en  
Déngscht geleescht.

An der Welt geschitt an dësem Moment nach  
op velle Plazen dat, wat dir erliewt hut. Wann  
d'Rechter an d'Wüerd vun de Mënschen mat  
Féiss getrëppelt gin, och do mussen ons Lët-  
zebuenger sech bewosst sin, datt se dat nët  
komplett kënnen ignoréieren, esou wéi deemols  
ärt grousst Leed a groussen Deeler vum Glo-  
bus ignoréiert as gin. Haut, wou d'Welt am  
Ganzen zesummeréckt, do solle mer och an  
der Hisiicht méi Verständness hun fir dat, wat  
et domasse gët. Och do solle mer hëllef  
d'Rechter ze verdeedegen op déi Manéier, wéi  
mer kënnen.

Op der anerer Säit as d'Lëtzebuenger Vollek  
am Krich sech méi bewosst gin, wat seng  
Identitéit as. Et wor eng erfreesch Tatsaach,  
dass viru kuerzem an der Chamber eng Dis-  
kussioun koom iwer dat, wat d'Identitéit vun  
de Lëtzebuenger as, a wou och ons Hemechts-  
sprooch an d'Mëtt vun der Identitéit gesat as  
gin. Dat as jidderfalls d'Zeechen, datt dat nët  
vergiess as, an et as och dat, wat ons fir d'Zou-  
konft mat Hoffnung erfëllt. Loose mer all Dag  
bei der Arbecht, déi mer maachen, op der  
Plaz, wou mer stin, drun denken, dass mer  
musse schaffen, fir dat ze erhalen, wat mer hun,  
eppes, wuerfir vill anerer gelidden hun an ganz  
vill hirt Liewen hu misse loosse.

Duerfir soll och de Souvenir vun deene Joe-  
ren sech nët verléieren. Dir wësst, datt och am  
Gaang as, d'Geschicht vun der Okkupatioun,  
vun der Resistenz an iwerhaapt vum Liewen  
vum Lëtzebuenger während dem Krich, geschri-  
wen ze gin. Dat musse mer och esou séier wéi  
méiglech zu engem Enn bréngen.

Loosse mer an dëser Welt, déi komplizéiert  
as, déi ons warscheinlech an deene nächste  
Joeren um wirtschaftleche a v'läicht och um  
finanzielle Gebitt méi Problemer bréngt, wéi,  
déi mer elo an deene leschte Joeren ze léisen  
haten. Loose mir dann zesummestoen, als Lët-  
zebuenger zesummen des Problemer léisen.

Wa mer elo dat Gesetz stëmmen iwert  
Gläichstellung vun den Zwangsrekrutéierten  
mat deenen anere Victimen vum Nazismus a  
vun dem Okkupant, ech méngen, da solle mer  
en neie Bond schléissen fir als patriotesch Or-  
ganisatiounen, — wat dir jo sit, — och mat de-  
nen aneren zesummen fir d'Gléck vun der He-  
mecht matzewierken. An dat, géing ech soen,  
ënner dem Patronage vun onsem Herrscher-  
haus, vun onser Dynastie, déi während dem  
Krich den Zesummenhalt vu Lëtzebuerg an de  
Lëtzebuenger, egal ob se hei heem oder do-  
bause woren, gemach huet. Eng Dynastie, wou  
mer d'Gléck hun feststellen, datt se nët nëm-  
me liewt, datt se nët nëmme herrscht, mä datt  
se, — an d'Fiançailen vun onsem Ierwgrouss-  
herzog bréngt dat mat sech, — och fir d'Lëtze-  
buenger Land nach eng Zoukonft as.

Nach eng Kéier, méng bescht Wënsch a  
méng Félicitatiounen fir är Aktiounen während  
all deene Joeren. Ech kann iech verspriechen,  
datt d'Lëtzebuenger Regierung all Verständ-  
ness huet fir déi Wënsch a Fuerderongen, déi  
der stellt an déi mat dem Leed, wat deé elo  
éinescht évokéiert hut, zesummenhänken. Duer-  
fir, all zesummen, loosse mer weider schaffen,  
wierken a suergen, och an onser internationaler  
Aktioun, duerch onsen Asaz an der euro-  
päescher Vereenegong, dat esou Emstänn, wéi  
se tëschtend 1940 a 1945 erliewt si gin, nët méi  
eremkommen.

Duerfir, meng léif Tambower, stitt weider ze-  
summen. Halt oprecht déi Frëndschaft, déi der a  
ganz schwéierer Zäit geschloss hut.

**Metty Scholer:** Ech kann rouege Gewëssens  
dem Här Staatsminister Merci soen fir d'Wier-  
der, déi en un äis geriicht huet. Mir hoffen och, -  
vun diem engen huet hien nët esou vill gesch-  
wat, — datt mer dat esou séier wéi méiglech upa-  
ken, an dat as d'fréizäitig Pensionéierung.

De President Scholer seet nach eemol alle-  
guerte Merci, déi kom waren fir de 35. Anniver-  
saire vum Retour aus der russescher Gefaang-  
enschaft unzefänken an ze verschéineren

#### Gediechnessmass

an der Herz-Jesu-Kiirch, Lëtzebuerg/Gare

Gläich no der Séance académique hun déi al  
Tambower sech op de Wee gemaach, déi eng zu  
Fouss a wien nët méi esou gutt goe kann, as mat  
den städteschen Autobus gefuer, fir Punkt hal-  
wer eelef an der Garer Kirch ze sin, wou eng Ge-  
diechnessmass gehale as gin fir all Jongen, déi  
a russescher Gefaangenschaft waren, an déi  
dout sin. Verschéinert gouf déi religiéis Feier  
duurch de Gesank vun der Chorale des Anciens  
de Tambow am Zesummewierke mat dem Qua-  
tuor a cordes de la Musique Militaire. Zelebréiert  
gouf d'Mass vum Marcel Ripp, dien och als  
Krichsgefangenen zu Tambow am Lager war.

#### Um Kanounenhiwwel

No der Mass gong et am Cortège vun der  
kiirch, iwer d'Al Bréck op de Kanounenhiwwel.  
virop d'Musek vun den Industrielle Servicer vun  
der Stat Lëtzebuerg. Nodréiglech muss ee scho  
soen, et war en imposante Cortège, well ronn  
600 Leit dru bedeelegt waren. Virun der éiweger  
Flam vum Monument National de la Solidarité  
Luxembourgeoise gouwen Blummen néerge-  
luecht vun dem Comité vun der Amicale des An-  
ciens de Tambow a vun enger Delegatioun vun  
den Anciens de Tambow de la Moselle, iwer-  
deem d'Sonnerie aux Morts gespielt as gin. Als  
Oofschloß vun der Zeremonie um Kanounenhi-  
wel huet d'Musique des Servives Industriels d'-  
Heemecht gespielt.



No der Mass,  
virun der  
Herz-Jesu-Kiirch,  
Lëtzebuerg/Gare

#### Gedenkzeremonie um Kanounen- hiwwel



#### Réceptioun op der Geméng

E véierel vir zwielef koom de Cortège virun der  
stater Märei un, wou bannen an, am Péritstyl,  
d'Réceptioun duurch Geméngenauteuritéite war.  
Well d'Buergermeeschtesch grad wéi den  
éischte Scheffen Léon Bollendorf nët do konnte  
sin, war et um Scheffen Camille Polfer, ebenfalls  
en Zwangsrekrutéierten, fir déi Tambower ze  
emfänken. Présent waren och de Scheffen  
Jean Goedert an d'Geméngeréit: Pierre Frieden,  
Robert Angel, Henri Ackermann, drai Enrôlés de  
Force, den Alph. Osch an J.Y. Henckes. A sen-  
ger Begréissungsusprooch huet de Camille  
Polfer all Tambower an déi vun hire Familjen, déi  
matkom waren, häerzlech wëllkomm geheesch.  
A kuerze Wieder huet hien de Leidenswee vun  
den Enrôlés de Force a méi spéziell dien vun

deene Jonge beschriwen, déi nodeem, datt se  
bei de Preise fortgelaaf waren, a russesch Ge-  
faangenschaft kom waren, an no an d'Lager  
Nr. 188 koomen. All Komeroden hätte de-  
mols gegleewt, datt wann se eemol vun de Prei-  
se fort wieren, da wären se op der gewonnener  
Säit. Mä Tambow, als Exponent fir all russesch  
Gefaangenelager an deene Lëtzebuenger wa-  
ren, as de Bewäis wat nach alles huet misse  
duerchgestane gin, bis déi Jongen, déi et iwer-  
stanen haten nees z'réck an d'Hemecht an bei  
hir Familjen konnte kommen. Wéi uerg, a wat fir  
enorm Folgen dat alles hat, dat geséich een am  
allerbeschten haut, well et géif kaum een Enrô-  
lés de Force gin, deen nët krank wier an et géin-  
gen der esou vill, meescht onerwart vill ze vill frei-  
stierwen. Trotz all deem Grujlechen, wat de-  
mols durchgestane as gin, wär dach grad déi



Réceptioun

op der  
stater  
Märei



Bereitschaft fir d'Verdeedegung vun de fundamentalen Idealer a Prinzipien vu Fräiheet, Gerechtigkeit a Mënscherechter onbedéngt begrëssenswert, wéi se sech bei den Enrôlés de Force weist.

Um Enn vu senger Usprooch huet de Camille Polfer vun der Geléenheet profitéiert, fir deene Komeroden Merci ze soen, déi him an der Krichsgefaangenschaft begéint waren an sengen Elteren gesot hun, esou bal wéi se heiheim zu Lëtzebuerg waren, dat hien nach um Liewe wir, an och geschwënn heem kéim.

Séingerseits sot de Metty Scholer Merci fir déi schéin Réceptioun op der Geméng. Hien huet nach eng Kéier kuerz de Sënn an den Zweck

vun dësem 35. Anniversaire duergeluecht a soot offschléissend, déi Sacrificer, déi am leschte Krich bruecht si gin, dürfen beim Lëtzebuurger Vollek nie an d'Vergiesse geroden.

**Am Konvikt**

Kuerz no eng Auer waren déi al Tambower, zesumme mat hire Gäscht, beim Mëttesdësch. Et waren der nët manner wéi 304, déi zu Mëtteg giess hun. Ee Gléck, dat am Restaurant vum Konvikt esou vill Platz as!

No dem Mëttegéissen gouf vun der Geléenheet profitéiert, fir e kuerze Joeresrapport ze maachen aplaz vun enger Generalversammlung. De President Metty Scholer huet d'Aktivitéit vum



vergaangene Joer résuméiert a sot alleguerchte Merci, dat si haut un de Feieren vum 35. Anniversaire vum Retour aus russescher Gefaangenschaft deelgeholl hun.

An der Zäit tëschend der Generalversammlung am November 1979 an den Dag vun haut sin 9 Tambower gestuerwen. Et sin:

- Moes Jean, Waasserbëlleg, gestuerwen den 21.01.1980
- Nicolay Fernand, Stroossen, getuerwen den 07.02.1980
- Defay Marcel, Esch/Uelzecht, gestuerwen den 27.03.1980
- Tucks Marcel, Diddeléng, gestuerwen zu Montréal (Kanada) am 04.09.1980
- Spautz Marcel, Beetebuerg, gestuerwen den 26.04.1980
- Rodesch Norry, Lëtzebuerg, gestuerwen den 20.05.1980
- Hahn Jean, Lëtzebuerg, gestuerwen den 25.08.1980
- Thekes Jean-Pierre, Waasserbëlleg, gestuerwen den 30.08.1980
- Steinbach Joseph, Obercorn, gestuerwen den 04.09.1980

Éier hirem Udenken!

**Keessrapport**

virgedroen vum Raymond Welter. Doraus war gewuer ze gin, dat der Amicale hir Finanzen am Gläichgewicht sin. 't Kontroll vum Keesbuch huet ergin, dat dem Raymond Welter seng Schreiwereie beschtens klappen, wuerfir d'ganz Versammlung him Entlaaschtung gët.

**Gutt Komerodschaft**

De President vun der Fédération, Jos. Weirich, huet dun Opschloss gin, iwer de Gesetzprojet vun der Regierung, mat deem elo endlech, no esou laanger Zäit, de grouse Problem vun der Zwangserkrutierung definitiv geléist gët. Hien huet eng ganz Rei Détailler dovun bekannt gin. Weider huet hien déi Tambower Komeroden félicitéiert fir déi groussarteg Organisation vun dem 35. Anniversaire vun hirem Retour vun Tambow. E bedauert allerdéings, dat den Här Staatsminister de Problem vun der Pensionéierung mueres a senger Usprooch mat këngem Wuert ernimmt hat. Allgeméng wir erwaart gin, dat hien wéinegstens e puer Undeitunge maache géing. Mä näischt as näischt. Et missten dach awer en etlech Verbesserungen um Gesetz vum 26. März 1974 viirgeholl gin. Dat misst esou séier wéi méiglech geschéien, weil et presséiert. Wann een haut z'réckkucke géing op d'Vergaangenheet, haaptsächlech op déi Joeren vun 1959 un bis haut, kann ee soen, et wir munneches realiséiert gin. Mä, dat konnt nëmmen dank dem Zesammenhalen vun allen Enrôlés de Force realiséiert gin. An elo wir et och nach ëmmer néideg, fest zesummenzestoen, fir dat och déi lescht vun onse Fuerderongen realiséiert gët.

Seng Usprooch oofschléissend, huet de Jos. Weirich allen Tambower Komeroden Merci gesot, fir alles, wat sie an der Vergaangenheet fir all Enrôlés de Force geleescht hun. «Fuert esou all Enrôlés de Force geleescht hun. -Fuert esou all Enrôlés de Force geleescht sin.» Well, op engem Dag wéi deen hei, do gestéig een, wéi noutwendeg dach eng wirklech, gutt Komerodschaft as. «Ech wënschen iech alleguer an äre Familien eng gutt Gesondheet an alles Gutts fir Zoukonft.



Au revoir bis dat anert Joer, wa mir äis op der Generalversammlung erëmgésin.»

**...notre tâche est loin d'être terminée!**

Am Numm vun enger Delegatioun «des Anciens de Tambow de la Moselle» huet och de lothréngesche Komerod Marcel LUTZ d'Wuert ergraff. Hei seng Usprooch:

Chers camarades luxembourgeois,

Au nom de toute la délégation des anciens de TAMBOW de la Moselle, je vous remercie de votre aimable invitation. J'en profite pour remercier de même la délégation luxembourgeoise qui a su, par sa présence à notre Congrès Interdépartementale du 8 juin 1980 à AMNEVILLE en Moselle, nous assurer de son soutien physique et moral dans l'aboutissement de nos problèmes communs.

Le 6 novembre 1976 lors de votre journée de TAMBOW, j'étais là.

Le 9 novembre 1980 pour la commémoration du 35e anniversaire du retour de captivité, je suis revenu avec quelques amis pour vous prouver que les liens de camaraderie qui se sont forgés en captivité, nous tiennent toujours à coeur.

Voilà encore quatre années de passées et nous continuons toujours sans en démordre de trouver une solution définitive à nos problèmes sur le plan international. Je me réjouis d'avoir a nouveau pu me joindre dans une ambiance aussi fraternelle à mes camarades d'infortune rescapés des camps russes. Il est vrai qu'a chaque nouvelle rencontre la joie éprouvée est ternie par la constatation que nos rangs continuent a s'amenuiser de plus en plus vite. Bien

des regards amis, que l'on espérait croiser en cette belle journée se sont éteints à jamais. Cela n'empêche pas que nous, les survivants de cette sombre période, ne devons pas nous laisser abattre pour autant. Nous sommes arrivés a arracher de haute lutte un certain nombre d'avantages non négligeables, mais notre tâche est loin d'être terminée. Il faudra achever le travail entrepris il y a maintenant plus de trois décennies. Nous devons, comme par le passé et cela sans conditions de nationalités mener à bonne fin nos revendications, et essayer d'être dans la mesure de nos moyens les artisans d'une Europe unie qui servirait à sauvegarder la paix pour nous et les générations à venir.

**Schluß**

Als Bewäis, wéi enk dat Zesummegehéregkeetsgefill ënner deenen as, déi séingerzäit am Lager Nr. 188 a Russland waren, nët nëmmen ënner de Lëtzebuenger, mä och mat den Lothrénger an den Elsesser, hun déi lothréngesch Komeroden dem Metty Scholer, Junck Gast, Steffen Jules an dem Steichen Jos bronze Plakken iwerreecht, mat enger Reproduktioun vum Tambower Lager, an vun de Lëtzebuenger krukten Lothrénger ebenfalls eng Plack, déi ons Tambower séingerzäit erausgin haten. Am Numm vu sengen Komeroden, sot de Metty Scholer dem Marcel Lutz villmols Merci, an hien huet déi kleng Versammlung opgehuewen, nodeem hien dem Haus Ackermann Merci gesot hat fir déi gutt Bekäschteging, an nodeem hien all deenen, déi un de Feieren deelgeholl haten, nach en etlech schéin a gemittlech Stonnen als Oofschloss vun dësem gutt gelongenen a groussen Dag gewënscht hat.